Kannervilla « Gepëppelte Mëmmel » asbl
43, rue du Sanatorium L-9425 Vianden
Tel.: 83 43 82 1 Fax.: 83 43 83 E-mail: kannervilla.veinen@pt.lu

**Éis Kanner, éis Zukunft …**

„Éis Kanner senn éis Zukunft“ … egal wi oft dëse Saz och beméit gëtt, wi trivial dës Ousso och dohär kënnt, en ass a bleift dach wuer !
Éis Kanner wäerten d’Wëlt vua muer erliäwen a matgestalten. Si gi gruss an äner Wëlt, déi ëmmer mi sier drit, déi an ëmmer mi kuerzer Zéit nei Uafuerderungen un dän Äänzelne steelt!

Wat kënne mir maachen, fir éis Kanner op dës Wëlt virzeberäden? Wi kënne mir hinnen hëllefen, fir datt si muer kënnen dälhollen a gestalten?

Än miiglich Äntwert ass, datt mir probiere kënnen, éise Kanner all d’Miiglichkäten ze ginn, fir datt si zu kritischen, selbstbewossten a responsabele Membere vuan éiser Gesellschaft eruawoosse kënnen.
D’Vermëttlung vua Werter wi Respekt, Toleranz a Matgeféil, awer och d’Berädschaft, e Béitrag läästen ze kënnen an ze wëllen, gehiren hei ganz sécher als wesentlich Elementer derzou.

Dat pedagogischt Konzept, dat d’Matuarbichterinne vuan der „Kannervilla Gepëppelte Mëmmel“ an Zesomenuarbicht mat externen Experten an an Ofstëmmung mam Verwaltungsrot ousgeschafft honn, an dat d'Fundament vuan éiser alldeeglicher Uarbicht mat de Kanner ass, verstät sich als e Béitrag zur Entwicklung a Beglädung vuan den iis uavertraute Kanner op hirem Wee an en responsabel an liäwensfru Zukunft.

Charles Bassing
Präsident